



„Pilger vun der Hoffnung“

Bëschofswuert zum Muttergottesjubiläum 2024-2025

Léif Schwësteren a Bridder,

Zesummen ënnerwee sinn – dat hu mir an de vergaangene Méint versicht, nach méi bewusst an der Kierch ze maachen: déi synodal Demarche, déi mir a Verbonnenheet mat der Weltkierch an de Mënschen op der ganzer Welt als Virbereedung op d'Synod vun der Synodalitéit am Oktober op diözesanem a kontinentalem Niveau gaange sinn; d'Erlebnis selwer vun der Synod zu Roum; déi weider Etappen, déi elo ze goe sinn als Virbereedung op déi zweet Sessioun vun der Synod;... Dat Ganzt huet méi däitlech gemaach, wat mir als Kierch wëlle sinn: Gemeinschaft vu Fraen a Männer, Laien a Geeschlech, Jonker an Alen, ee Vollek „aus allen Natiounen, Stämm, Vëlker a Sproochen“ (cf. Offb 7,9; cf. Apg 2,9-11), ënnerwee mat Jesus Christus, ënnerwee zu Jesus Christus.

Den 8. Dezember 1624 huet de Jesuitempater Jacques Brocquart mat Studenten vum deemolege Jesuitekolléisch d'Statu vun der Tréischterin am Leed op d'Glacis-Feld gedroen an do opgestallt, fir do, virun den Dieren vun der Stad, eng Kapell ze bauen. Ganz séier huet dës Statu vill Mënschen ugezunn, ganz séier ass d'Verëierung méi grouss a schliisslech zu deem ginn, wat mir haut als Muttergottesoktav kennen. De Pater Brocquart hat deemools erkannt, datt d'Mënschen esou eng Plaz brauchen, wou si sech an hirem Leed, a Krankheet, a Krichsgeforen, an Nout, hikéiere kéinten.

D'Muttergottesoktav ass haut aus dem Liewe vun der kathoulescher Kierch hei zu Lëtzebuerg net méi ewechzededenken. Och wann d'Formen am Laf vun der Zäit geännert hunn, sou ass eis Oktav dach nach ëmmer eng wichteg Zäit am Joer, déi eist Land geprägt huet a weider prägt. Sou läit et op der Hand, datt mir genee 400 Joer duerno dësen Anniversaire ganz bewusst feieren. An dofir invitéieren ech lech all zu engem groussen Muttergottesjubiläum, dee vum 8. Dezember 2024 bis zum Schlussoktav-sonndeg, dem 25. Mee 2025, dauere soll. Dat ass eng gutt Geleeënheet, fir mat Dankbarkeet op dat Geschenk vun der Muttergottesverëierung zeréckzekucken. Mir wëllen dee laange Wee feieren, dee mir schonns gaange sinn, an eis virbereeden, fir als Kierch vu Lëtzebuerg mat de Mënsche vun haut a fir d'Mënsche vun haut dës Wee virunzegoen.

D'Oktav ass fir eis Kierch zu Lëtzebuerg e staarken Ausdrock vu Synodalitéit; dofir schreift dës Jubiläum sech och gutt an eis synodal Demarche an. D'Oktav weist eis dat gemeinsamt Ënnerweesinn. Si weist eis och, datt mir een Ziel hunn, lokal ausgedréckt an der Muttergottesstatu, déi mir an eiser Kathedral verëieren, awer och iwwer si eraus hin

zu deem éiwegen Ziel vun der Gemeinschaft mat Gott an allen Hellegen. Si weist eis, datt mir ganz verschidde sinn, wann aus de Poren, Dekanater, Sproochen- an anere Gemeinschaften, reliése Bewegungen, chrëschtliche Mouvementer,... Mënsche sech op e Wee maachen, dee si zesummebréngt. Si weist eis, datt mir iwwe eis Grenzen erauskucken an ëmmer erëm geruff sinn, fir ganz ënnerschiddlech Mënschen unzeschwätzen, och an der Zäit vun haut. Si passt also perfekt an dat, wat d'Synodalitéit ausdrécke wëll. Dofir invitéieren ech all Mënschen, vun no a vu wäit, besonnesch lech alleguerten, fir aus dësem Jubiläum eng bewosst Feier ze maachen, déi eis Kierch an d'Zukunft erabegleede kann.

De Jubiläum fënnt awer och zur selwechter Zäit statt wéi dat Hellegt Joer 2025. D'Theema vum Hellege Joer ass „Pilger vun der Hoffnung“. Och dat passt wonnerbar mat eisem Jubiläum zesummen, wëll et an anere Wieder ëmschreift, wat mir schonn virdu gesot hunn. Et seet eis awer nach méi. Et ass och en Optrag, dee sech an déi missionaresch Bewegung vun der Synodalitéit aschreift: mir sinn als Kierch net eleng fir eis um Wee, mir sinn all beruff, fir dat gemeinsamt Goen zu engem Temoignage ginn ze loossen an der Welt vun haut a fir d'Welt vun haut. Mir sinn als Pilgerinnen a Pilger ënnerwee – an eise Jubiläum kann eis hëllef, fir dës Dimensioun vum Pilgeren erëm méi bewosst ze entdecken, wa mir eis als Gemeinschaften an als Eenzelner ënnerlech an äusserlech op esou e Pilgerwee zur Muttergottesstatu maachen. Dat gemeinsamt Goen kann a soll awer och anerer opmierksam gi loossen op dat, wat mir liewen an aus wat fir enger Motivatioun mir dat maachen: Jesus Christus, deen de „Wee, d'Wourecht an d'Liewen“ ass (Joh 14,6). Mat eisem Pilgere leeë mir fir hien, Jesus Christus, Temoignage of vun der Hoffnung, déi eis selwer dréit an déi mir méi bewosst nach eng Kéier och fir eis selwer entdecke kënnen.

De Muttergottesjubiläum 2024-2025 soll eis esou hëllef, eis dëse verschiddenen Dimensiounen, déi sech all an den neie gemeinsame Wee vun eiser Kierch aschreiwen, nei bewosst ze ginn. De Jubiläum kann awer an deem Sënn nëmme Fruucht bréngen, wa mir eis alleguerte mat op de Wee huele loossen. E Virbereedungsgrupp ass amgaangen, e flotten an diversifizéierte Programm fir eise Jubiläum auszeschaffen. Mee dee Programm gëtt just lieweg, wa mir en all matgestalten, an eise Por- an anere Gemeinschaften, an eise Mouvementer,... ob spirituell, kulturell oder kënschtleresch,... mat reliése Feieren an aneren Evenementer,... Duerfir invitéieren ech lech ganz häerzlech, fir eis mat dësem Jubiläum 2024-2025 op de Wee ze maachen.

D'Maria, d'Gottesmamm, d'Tréischterin am Leed, eis Patréinesch vu Stad a Land, geet dëse Wee zanter 400 Joer mat eis. Si wäert eis och an d'Zukunft era begleeden. Vertraue mir op hiert Gebiet a si mir zesumme ronderëm Maria Pilger vun der Hoffnung fir eis Welt vun haut.

Lëtzebuerg, den 21. November 2023
Um Gedenktag Mariä Opferung

+ Jean-Claude Kardinal Hollerich
Äerzbëschof vu Lëtzebuerg